

	63^e séance	Présidence M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président
	Jeudi 11 juillet 2002	

Ordre du jour**1. Communications**

- Projet de loi 4844 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement Européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative (*Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*)
- Projet de loi 4714 concernant l'établissement de transporteur de voyageurs et de transporteur de marchandises par route (*Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Fernand Boden, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.04 heures)

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. Folgend Dépôte sinn um Greffe vun der Chamber gemaach ginn:

– Den 10. Juli 2002 vum Justizminister, de

Projet de loi 4991 portant modification de certains articles du code pénal

an de

Projet de loi 4992 modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4844 iwwert d'Concurrence déloyale. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen déi Hären Hauptert a Scheuer, d'Mme Beissel, déi Häre Koepp, Garcia an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

2. Projet de loi 4844 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement Européen et du Conseil

modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzesprojekt 4844 huet a sech zwee Voleten, déi mer haut hei sollen diskutéieren:

- soll déi europäesch Direktiv 97/55/CE iwwert d'Publicité comparative an eis national Gesetzgebung transposéiert ginn;
- gëtt dat modifizéiert Gesetz vum 27. November 1986 abrogéiert. Hei kënn et dann zu enger substantzieller Reform.

Ech maache fir d'éischt, Här President, wann Der erlaabt, eng Zesummeffaassung vun de parlamentareschen Aarbechten. De Mëtzelstandsminister huet de Projet de 17. September 2001 an der Chamber déposéiert. D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Travail an d'Chambre des Employés privés hunn de Projet aviséiert. Dem Statsrot säin Avis ass vum 16. Abrëll 2002. D'Mëtzelstandskommissioun huet sech zwee Mol mam Projet beschäftegt an zwee Amenderementen virgeschloen, déi vum Statsrot den 2. Juli 2002 aviséiert gi sinn. Während der Sëtzung vum 5. Juli 2002 huet d'Commission des Classes moyennes de schrëftleche Rapport guttgeheescht.

Den Haaptobjektiv vum Projet de loi ass, fir d'Lëtzebuerger Geschäftswelt vun enger Rei vu Contrainten ze befreien, déi net méi mat dem aktuelle wirtschaftlechen Ëmfeld Fouss halen oder déi deem net méi Rechnung droen. D'Vergaangenheet huet gewisen, datt dës Con-

trainten dem Lëtzebuerger Handel et praktesch onméiglech maachen, fir vis-à-vis vum auslänneschen Handel konkurrenzfäeg ze bleiwen. Lëtzebuerg ass nun eemol e klenge Land an ass ëmgi vum enger wirtschaftlech performanter Groussregioun. Ganz oft huet d'Lëtzebuerger Klientel d'Tendenz, fir am noen Ausland, ergo och d'Präisser vun do mat deene vun hei ze vergläichen.

Aus all dëse Grënn musse mir hei zu Lëtzebuerg verschidden Handelspraktiken, déi et schonn deelweis an de Grenzregiounen gëtt, liberaliséieren. Wichteg ass awer och, datt mir e gesonden Equilibre zwëschen den Interesse vun de Geschäftsleit an den Interesse vum Client weiderhi behalen.

Wat sinn elo d'Schwéierpunkter vun dëser Reform? Si betrëfft haaptsächlech d'Werbung, verschidde Verkaufsfonnen, d'Lotterien an d'Tombolaen, d'Concurrence déloyale, d'Action en cessation an d'Strofrecht. Ech schneiden a mengem kuerze Rapport all dës Punkten un.

Um Niveau vun der Werbung stellt de Gesetzesprojet quasi den Droit commun duer, dat heescht, hie léisst déi méi restriktiv Bestëmmungen, zum Beispill um Niveau vun de Medikamenter an dem Tabak, intakt. Déi bleiwen also an hirer ursprüngelecher Form bestoen.

Den éischte Punkt betrëfft d'Publicité trompeuse, déi hei zu Lëtzebuerg ausdrécklech verbuede bleift. Et gëtt definiert, wat Publicité trompeuse ass an et si Critère festgeluegt ginn.

Déi grouss Innovatioun betrëfft d'Publicité comparative. Bis elo war et esou, datt dës Form vu Werbung zu Lëtzebuerg strikt verbuede war. D'Gesetz vun 1986 huet si als Acte de concurrence déloyale ugesinn. An engem ultrakompetitiven Ëmfeld ass et awer esou, datt d'Publicité comparative eng Technik ass, déi et de Geschäftsleit erlaabt, fir hire Marché auszubauen, haaptsächlech wat d'Qualitéitsprodukter ugeet. Si provoziert awer och Ängscht bei der Konkurrenz a bei de Konsumenten. Dofir muss een dee richtegen Equilibre zwëschen deene verschiddenen Intérête fannen an hierstellen.

Ech wëll dozou eng Bemierkung maachen. Wann dës Form vu Werbung net an alle Memberstate vun der Europäescher Unioun harmoniséiert gëtt, da kënnt et kuerz oder laang onweigerlech zu Diskriminatiounen. E Land, wat senge Geschäftsleit d'Publicité comparative onméiglech mécht oder kee legislative Kader offréiert, benodelegt si onweigerlech par rapport zu deenen auslännesche Geschäftsleit, wou dës Aart vu Werbung erlaabt ass.

Mat dësem Projet gëtt de richtige Choix gemaach, andeems d'Publicité comparative, ënnert verschiddene Konditiounen, erlaabt gëtt. De Projet gëtt eng Definitioun, déi telle quelle vun der Direktiv iwwerholl ginn ass. D'Konditiounen, ënnert deenen d'Publicité comparative legal ass, ginn am Projet preziséiert.

Mat dësem Projet gi verschidden aner Verkaufspraktiken reforméiert:

1. ginn d'Solde méi liberaliséiert. Hei gëtt méi staark no de Besoine vun de Geschäftsleit gekuckt. D'Definitioun vun de Solde beinhalt net méi de Critère vum Renouvellement saisonnier de l'assortiment. Virun de Solden a während de Solden dierfen d'Geschäfte hir Stocken opfëllen. Et dierfen also extra Produkter oder Artikele just fir d'Solden akaaft ginn. Nëmme déi Artikelen, déi scho virun de Solden en stock waren, wéi een esou schéi seet d'Ladenhüter, dierfe mat Perte verkaaft ginn.

Weiderhin dierfen d'Solden nëmme zwee Mol pro Joer organiséiert ginn. De Maximum fir eng Soldeperiod ass op ee Mount festgeluegt. E Règlement grand-ducal fixéiert den Ufank an d'Enn vun all Period.

2. ginn d'Bestëmmungen iwwert d'Liquidatioun vereinfacht. De Projet gesäit nëmme méi zwee Fäll vir, wou d'Liquidatiounen erlaabt ginn. Dat ass de Fall, wann ee ganz mat der Aktivitéit ophält, oder wann exceptionnel Ëmstänn virleien. Liquidatiounen ënnerleie selbstverständlech der Autorisatioun vum Mëttelestandsminister.

3. d'Vente sur le trottoir, wéi zum Beispill d'Braderien. Et ënnerläit der Kompetenz vum Schäfferot, dofir ass et och de Schäfferot vun all Uertschaft deen Verkaufskatiounen um Trottoir genehmige muss oder kann. Weiderhi kritt hien d'Zoustännegkeet, wat d'Organisatioun vu Foiren a Mäert betrëfft. Et ass um Schäfferot aus der jeeweileger Uertschaft, fir iwwert d'Zuel vun dëse Manifestatiounen ze decidéieren. De Mëttelestandsminister muss awer iwwert déi verschidden Datume vun dëse Manifestatiounen a Kenntnis gesat ginn.

All dës Moosnamen erlaben eng gréisser Flexibilitéit. De Besoine vun der Geschäftswelt aus deenen eenzelnen Ortschaften gëtt mat dësem Projet vill besser Rechnung gedroen.

4. ginn d'Ventes en chaîne oder d'Ventes en boule de neige verbuede. Bis elo war dës Form vu Verkauf bei eis zu Lëtzebuerg net reglementéiert. Si war net verbuede, awer och net erlaabt. Dës Situatioun huet Verstéiss géint d'Nidderloossungsrecht, d'Steiergesetz an d'Sozialgesetzgebung mat sech bruecht. Oft ass et hei zu regelrechte Betrügereien am Sënn vum Strofrecht komm. De Gesetzesprojet schléisst also hei e Vide juridique.

De Verkauf mat Primë gëtt komplett liberaliséiert. Dat huet zwee Avantagen. Et vereinfacht d'Aarbecht vun de Geschäftsleit an et dynamiséiert d'Consommation.

D'Regelen an d'Critèren ënnert deenen eng Vente à perte kann entaméiert ginn, bezéie sech net méi exklusiv op de Verkauf vu Produkter, och hei sinn Neierungen. D'Prestatioun vu Servicer ënnerläit elo och dëse gesetzleche Regeln.

Eng weider Innovatioun ass eng kloer Reglementatioun vun de Lotterien, de Concoursen an de Werbetom-

bolaen. Dës Form vu Kommunikatioun, déi sech ëmmer méi staark entwéckelt, huet an der Vergaangenheet oft Ulass zu Frustratiounen, Reklamatiounen a Plaintë säitens de Konsumente ginn. Dobäi kënnt nach eng Wettbewerbsverzerrung tëschent dem kläreschen Handel an dem Handel par correspondance. Domat soll et elo eriwuer sinn.

Hei gëtt ganz genau virgeschriwwen, ënnert welchen Ëmstänn esou Tombolaen oder Lotterien dierfen organiséiert ginn. Dem Schutz vum Konsument gëtt hei ganz speziell Rechnung gedroen. Hien dierf an dës Fall op kee Fall iergendweller Obligation d'achat ënnerleien. Des Weideren dierfen d'Ventes aux enchères publiques de biens neufs nëmme mat der Autorisatioun vum Mëtzelstandsminister ofgehale ginn.

Wat d'Actes à concurrence déloyale ugin, iwwerhëlt de Gesetzesprojet d'Definitioun aus dem Gesetz vum 1988. Déi eenzeg Neierung an dësem Domän ass, datt elo déi liberal Beruffer ënnert dës Bestëmmung falen, dat heescht awer net, datt d'Fräiberuffer un d'Commerçanten assimiléiert ginn. Si ënnerleie weiderhin hire Spezialgesetzter an hiren déontologesche Flichten.

Ee weidere wichtege Punkt vum Gesetzesprojet betrëfft d'Action en cessation. Ech erënnere drun, datt am Kader vun dëser Prozedur de President vum Handelsgericht verschidde Praktiken, déi net conforme zum Gesetz sinn, ënnerbanne kann. Dat ass eng Référé-Prozedur, déi vun enger Privatpersoun, engem Groupement professionnel oder enger Konsumentevereenegung entaméiert ka ginn.

Eng weider Neierung betrëfft d'Publicité trompeuse an d'Publicité comparative, déi net de gesetzleche Regeln entsprécht. Hei kann de Richter e Renversement vun der Beweislaascht ordonnéieren, dat heescht, datt den Annonceur bewiese muss, datt d'Elementer, déi hie fir d'Werbung gebraucht huet, materiell richteg sinn. Wann hien dat net bewiese kann, da kann de Richter dës Elementer als falsch ugesinn.

Dës Neierung huet mat Sécherheet Virdeeler:

1. dass se ganz am Sënn ass vum Konsument an dem Geschäftsmann, déi Opfer vun esou enger Werbung gi sinn. An der Vergaangenheet hu si ganz oft d'Gericht, wéinst Beweisschwiergekeiten, net mat esou Saache befaasst. Elo brauche se net méi ze fäerten, esou e Prozess ze entaméieren;
2. gëtt dem Gericht seng Aufgab heimat vereinfacht;
3. huet dës Reform e preventive Charakter. Déi conceréiert Acteure wäerten net méi esou séier de Risiko agoen, fir illegal Werbung ze maachen.

De leschte Volet vun der Reform betrëfft d'Strofrecht. Hei gëtt probéiert fir all Abüen am Beräich vun der Konkurrenz strofrechtlech ze sanctionnéieren. Eng weider Innovatioun ass, datt d'Abüen direkt strofrechtlech Konsequenze mat sech brénge kënnen, an dat ouni Ordon-

nance vum President vum Handelsgericht. Wann op Basis vum Gesetzesprojet strofrechtlech Condamnatiounen vun den zoustännegen Gerichter gesprach ginn, dann huet de Mëtzelstandsminister d'Méiglechkeet, fir d'Autorisation d'établissement zréckzezéien.

D'Berufskummere begreissen am groussen Ganzen dës Reform. D'Chambre de Commerce begreist, datt si ganz enk an d'Aarbechte vun der Reform agebonne war. Och d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Employés privés sinn zefridde mam Projet. D'Chambre des Métiers mengt, datt d'Konkurrenzfähigkeit vun de Lëtzebuerger Geschäftsleit par rapport zum Ausland mat dësem Projet verbessert gëtt.

Schlussendlech verlaangt d'Chambre de Travail no enger Gesetzgebung, déi den zoustännegen Autoritéiten d'Mëttele gëtt, fir een Abus de position dominante ze verhënneren a kënnen ze bestrofen. Weiderhi fuerdert si d'Schafe vun engem Kontrollorgan, dat kuckt, datt d'Spillregele richteg agehale ginn.

De Statsrot huet sech prinzipiell mam Gesetzesprojet averstanen erkläert. Hien huet awer eng Partie vun Observatiounen gemaach. Observatiounen, déi awer haaptsächlech vun textueller oder formeller Natur waren. Hien huet awer bedauert, datt de Regierungsprojet keen Tableau de correspondance begräift. Esou en Tableau misst, op der enger Säit, déi verschidde Bestëmmungen vun der Direktiv, déi ze transposéieren sinn, opféieren, an op der anerer Säit déi genee Plaz, wou si an eis Gesetzgebung ageschriwwen ginn, beinhalten.

Schlussendlech war de Statsrot um Fong mat den Amendementen d'accord. Hien huet awer hei redaktionell Verbesserungsvorschläg gemaach. D'Mëtzelstandskommission huet versicht, dës Vorschläg zum gréissten Deel Rechnung ze droen.

Als Rapporteur vun dësem Projet hoffen ech, datt en eng breet Zoustëmmung an der Chamber fanne wäert. Et ass mat Sécherheet en Text, deen de Lëtzebuerger Geschäftsleit Hëllef wäert. E wäert mat Sécherheet hir Kompetitivitéit par rapport zum Ausland stäerken an dat ouni awer d'Interesse vun de Konsumenten hei zu Lëtzebuerg ze vernoléisegen.

Ech soen Iech merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Norbert Hauptert (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mer hei virleien hunn, muss een engersäits am Kader vun dem Marché unique an andersäits aus der duebeler Perspektiv vum Commerçant a vum Konsument betruechten.

All Gesetz iwwert d'Verkafspraktike verfollegt en zweefachen Objektiv:

1. de Konsument géint irreféierend Methode vun de Commerçanten ze schützen, an
2. anerersäits den éierleche Commerçant géint illegal Praktike vum onéierleche Konkurrent ze schützen.

Dofir ginn d'Meenunge bei de Commerçanten, esouguer bei deenen éierlechen, wat een ënner onéierleche Praktike soll verstoen, wäit auserneen.

Une voix.- Wat sot Dir Saachen, Här Hauptert!

M. Norbert Hauptert (CSV).- Et solle jo och do éierlecher a manner éierlecher ginn, dofir hunn ech dat e wéineg betount.

(Interruptions)

Et gi méi där éierlecher, Här Clement.

Une voix.- Dat zielt bei de Leit alleguerten.

M. Norbert Hauptert (CSV).- Voilà!

Ech bleiwe bei deenen éierlechen. Do wënsche sech déi eng méi eng liberal Gesetzgebung, déi dem Commerçant méi eng aggressiv Verkaufspolitik erlaabt an him d'Méiglechkeet léisst, fir sech permanent de Gegebenheete vum Marché unzepassen.

Anerer si méi zréckhalend, also déi méi konservativ, a mengen et misst alles méi strikt geregelt ginn, fir datt déi fair Konkurrenz sech an engem gewësse Kader beweegt, wat am Fong geholl méi éierlech vis-à-vis vum Konsument wier. Well si behaupten, oft géing sech de Konsument duerch ugebuede Präisreduktiounen verblende loossen, déi souwisou vu vireran an der Marge integréiert wieren.

Déi méi liberal, also déi op méi eng aggressiv Method eraussinn, behaupten, datt et um eenzelne Commerçant wier ze decidéieren, ob hie seng Wuere bradéiere wëllt oder net. Hie seet: "Wann ech schlecht akaaft hunn an ech riskéieren, op menge Wuere sëtzen ze bleiwen, da muss ech meng Wuer kënne kuerzfristeg bradéieren, well de Stock en doudegen Investissement duerstellt." Dat ass am Fong geholl hiert Argument.

Déi méi zréckhalend Geschäftsleit, déi behaupten erëm, datt an esou engem Fall ee riskéiert, datt d'Leit sech op déi bradéiert Wuere stierzen an datt se herno dann op hire gudden Wuere sëtze bleiwen, wat vum Standpunkt vun dem onproduktiven Investissement fir si Speck a Schwéngfleesch wier. Fir si ass dat Argument nëmmen e Mëttel fir sech en "Avantage concurrentiel" ze verschafen. De Konsument, soe se, gëtt mat irreféierende Methoden ugelackelt an ugeschmiert, well d'Reduktioun scho vu vireran am Verkaufspräis mat verrechent gouf.

Dofir ass de Gesetzgeber bei esou engem Gesetz gefuerdert, fir de goldene Mëttelwee tëschent deenen zwou Stréimungen ze fannen. Donieft muss ee beim

Ausschaffe vun esou engem Projet oppassen, datt een de Projet an de richtege Kader vun dem europäesche Bannemaart positionéiert.

Et déngt eis näischt, wa mer bei eis am Land mat deenen oppene Grenzen zu eisen noen Noperen, déi mer hunn, verschidde Verkaufspraktike verbidden, déi déi Sait vun Diddeleng, vu Waasserbëlleg, vun der Wämperhaart oder vu Stengefort erlaabt sinn an déi do ganz legal kënne praktizéiert ginn.

Domat erreecht ee just, datt d'Leit bei eis am Land net kafen an an d'Ausland, iwwert d'Grenzen ewech, akafe ginn, wouduerch eiser Ekonomie e groussen Deel vun der nationaler Kaafkraaft verluer geet.

Domat ass kengem gedingt. Net dem Commerçant, deen hei zu Lëtzebuerg d'Hänn gebonnen huet, net dem Konsument, dee sech also muss déplacéiere fir am Ausland vun deenen Ugebueden ze profitéieren, a scho guer net eiser Ekonomie, där doduerch en Deel vum Émsaz verluer geet.

Duerfir gesäit d'Gesetz och nieft der Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv iwwert d'Publicité comparative eng Vereinfachung am Beräich vun deene verschidde Verkaufspraktike vir. Esou sinn d'Promotiounen iwwert d'ganz Joer erlaabt. Nom bestehende Gesetz waren déi Promotiounen während 30 Deeg virun de Solde verbueden. Dat ass also méi eng liberal Ausleeung vun där "Vente en promotion".

De Verkauf vu Wuere mat enger Prime, dat heescht mat iergendengem Gadget, deen der bäikritt, wann der eppes kaaft, war bei eis zimlech staark ageschränkt - den Här Clement ass schonn dorobber agaang -, wat an anere Länner net de Fall war. De Projet proposéiert also de Verkauf mat de Primen ze liberaliséieren.

Op där anerer Sait sinn awer d'Liquidatiounen méi ageschränkt ginn, andeems nëmme méi zwee Fäll virgesi sinn, wou ee ka liquidéieren. Déi aktuell Bestëmmungen hunn zu permanenten Abüen gefouert an den administrativen Opwand, fir déi verschidden Demanden ze kontrolléieren, ass iwwerproportionéiert zu deem, wat d'Gesetz bezweckt huet.

Wat déi onéierlech Konkurrenz ubelaangt, esou gesäit de Projet eng Extensioun vun deene Bestëmmungen op déi liberal Beruffer vir. Dësen Zousaz op déi liberal Beruffer ass d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv a soll op alle Fall, an dat gëtt esou am Exposé des motifs néiergeschriwwen, et soll "kee Versuch (fir de Ministère) si fir déi liberal Beruffer de Commerçanten ze assimiléieren".

Den Artikel iwwert d'Concurrence déloyale ass esou explicite, datt den Auteur vum Projet virschléit, d'Enunéiatioun, déi am Fong am ale Gesetz bestanen huet, falen ze loossen, well se iwwerfälleg gëtt. Dat huet de Virdeel, datt ee keng Praktiken ausléist, wéi dat am Fall

vum alen Text war, an de Kolleeg Ady Jung eng Proposition de loi iwwert d'"Outlet Malls" oder och nach "Magasins d'Usine" genannt huet missen noschécken, well déi am Fong geholl hätte kënnen aus deem alen Text erausgeschloss ginn. An der exemplativer Opzielung awer, déi am Exposé des motifs bäigeluegt ass, wou Beispiller vun onéierlecher Konkurrenz opgezielt ginn, fanne mer dem honorablen Ady Jung seng falsch "Magasins d'Usine" erëm. Also déi Magasins d'usine, déi sech als deem nobaussen affichéieren an am Fong geholl net nëmme fir hir Leit verkafen, esou wéi se et eigentlech misste virgesinn.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Dir gesitt, dat waren e puer Bemierkungen zu deem Projet, deem de Kolleeg Lucien Clement hei op eng excellent Manéier presentéiert huet. Ech wëll him och nach fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport félicitéieren.

Well dat Gesetz e weidere Schrëtt a méi eng liberal Bestëmmunge vun der Concurrence déloyale ass, vun deene Praktiken, déi mer bei eis hei kënnen virfannen, déi sech besonnesch dann och an déi normal Konkurrenz vum Bannemaart afügen, géif ech heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Sënn an Zweck vum Gesetz ass also d'Regelung vun der Konkurrenz am Commerce.

Et kann een et an zwee grouse Voleten zesumme-faassen. Éischten Objet ass d'Reglementéierung vum Verkaf vu Wueren ausserhalb vun den normale Geschäftspraktiken an zu Präisser, déi ënnert den normale Präisser leien. Dat ass ganz wichteg. Dat ass dat wichtigst Element an deem Gesetz.

Zweetens erlaabt de Projet dann déi vergläichend Publicitéit. Et kann also ee Produit mat engem anere verglach gi wat d'Qualitéit ugeet, wat de Präis ugeet. Dat ass elo erlaabt.

Ech soen och hei dem Rapporteur merci éischstens fir de schrëftleche Rapport. Et ass e Rapport, dee ganz gutt opgebaut ass, iwwersiichtlech ass, dee sachlech ass, deem och all Avisé mat abezitt an ënner kuerzer Form, mat den Titeren, mat de Sektionen.

De mëndleche Rapport war kuerz, Här Clement. E war ze kuerz.

(Interruption)

Zéng Minutten, dat geet net duer, wann déi Leit, déi duerno schwätzen, da méi Zäit hunn.

Vläicht ass dat hei kee komplizéiert Gesetz, mä trotzdem ass vill Matière à discussion dran.

E Gesetz, wat ee gesi muss am Kader vun enger zousätzlecher Liberaliséierung vum Lëtzebuerger Handels-wiesen, vum Lëtzebuerger Geschäftsliewen. Et ass méi wéi d'Ëmsetze vun zwou Direktiven, fir d'éischt d'Direktiv vu '86, streckeweis gëtt déi nei ëmgesat, dann déi vun 1997.

D'Avisé vun de Chambere sinn och positiv. Vläicht huet just d'Chambre de Commerce méi e kriteschen Avis gemaach, an ech wäert e puer Mol op deem Avis zrëckkommen.

Am Virfeld hu ganz vill Diskussiounen stattfonnt. Vill Diskussiounen waren noutwendeg. Diskussiounen, déi als Hannergrond vläicht d'Upassung un d'Direktiven haten, mä virun allem den Drock, dee vu baussen op d'Lëtzebuerger Geschäftsliewen ausgeübt gëtt. Dat ass fir mech d'Grenzregion, sou wéi meng Virriedner et och ausgedréckt hunn.

Da muss ee sech awer d'Fro stellen, ob net hannert deem Gesetz och den Drock steet vum Einzelhandel op d'Politik fir verschidde Geschäftspraktiken, déi d'Super-marchéen hunn, ze kontrolléieren. Geschäftspraktiken, déi den Einzelhandel an de spezialiséierten Handel net novollzéie kënnen.

Also, et ass e Gesetz, dat dem Commerce ouni Zweifel entgéint kënnt, an duerch dat da verbindlech Regelungen opgestallt ginn, fir de Konkurrenzkampf - ech formuléieren et mol esou; déi liddi, déi taucht och am Exposé des motifs op - fair ze gestalten, fir d'Chancë-gläichheet tëschent den eenzelne Secteuren an tëschent den eenzelne Commerçanten ze verbessern doduerch, datt elo d'Prozedure ganz kloer festgeluegt ginn, datt Regele festgeschriwwen ginn, datt awer och op där anerer Säit domadder Fräiheeten determinéiert ginn, déi den Eenzelnen huet.

Den Här Hauptert huet vun onéierleche Leit geschwat. Ech gebrauchen deem Terme net. Fir mech sinn et alleguerte Schof. Déi eng si wäiss, déi aner si schwartz, an da ginn et och nach déi gro.

Dat hei schéngt mer esou bëssen e Gesetz ze sinn, wou...

(Interruptions)

...déi wäiss Schof sech géint déi gro Schof schützen. Déi gro Schof, déi sollen et da méi schwéier gemaach kréien, fir hir Woll da méi deier oder besser ze verkafe wéi déi wäiss Woll.

Dir hutt dann den Drock, deem aus der Grenzregion kënnt. Dee soll een net ënnerschätzen. Dat ass den Hannergrond fir dëst Gesetz. Ech huelen elo e Beispill: d'Solden zu Tréier. Déi ginn hei an de Medien ugekënnegt als groust Evénement. Mir liewen an deem

oppene Raum. Dir kënnt lech erënneren, als Musterbeispill, wat fir eng Reklamme fir den 23. Juni iwwert d'Antenne gaange sinn, en Appel un d'Lëtzebuerger, dach um Nationalfeierdag - dat ass zwar net gesot ginn - dann awer gënschteg an der Grenzregioun anzekafen.

Mir erlaben einfach heimadder der Lëtzebuerger Geschäftswelt méi flexibel ze sinn an hire Venten ausserhalb vun den normale Geschäftspraktiken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou wäit, sou gutt, mä et huet een trotzdeem d'Impressioun, wéi wann nach vill Spillraum géif bleiwen. Wann een de Begrëff Concurrence déloyale hëlt, wann dee muss definiert ginn oder wann e muss interpretéiert ginn duerch e Gericht, da bleift wahrscheinlech nach vill Aarbecht an Zukunft fir d'Gerichter.

Ech ginn lech e Beispill derfir: 1986, wéi iwwert dat deemolegt Gesetz diskutéiert ginn ass, do ass d'Vergläichen an der Publicitéit net erlaabt ginn, an et ass laang driwwer diskutéiert ginn. Ech hunn an Erënnerung, datt deemools gesot ginn ass, et wär ganz schwéier, fir zwee Produkter op eng objektiv Aart a Weis mateneen ze vergläichen, dofir misste se identesch sinn, a leschten Enns géif een ëmmer Äppel mat Bire vergläichen, och wann een der Meenung wär, en Apel wär en Apel.

Haut huet dat geännert. D'Publicité comparative ass akzeptéiert, d'Problemer bleiwen awer garantéiert déiselwecht. Ech mengen, den Afloss vum Ausland huet derzou gefouert, datt déi Publicité comparative och zu Lëtzebuerg akzeptéiert ass an als Noutwendegkeet unerkannt gëtt.

Ech wollt dann e puer ganz punktuell Remarque maachen zu der Section 3, an zwar den 12. Artikel, dee sech op de Stroosseverkauf bezitt a wou ee kann exemplaresch e puer Rësonnementer féieren iwwert dat hei Gesetz.

Iwwregens mécht d'Chambre de Commerce just zum Stroosseverkauf e puer interessant a fir mech symptomesch Remarken.

Fir d'éischt ass de Stroosseverkauf e Verkauf, deen um öffentlechen Terrain stattfënnt, mä fir d'Chambre de Commerce ass Stroosseverkauf all Verkauf, deen ausserhalb vum Geschäftshaus, och op Privatterrain, stattfënnt. An d'Chambre de Commerce freet dann eng nei Definitioun, fir dee Verkauf ausserhalb vun deene fixen Infrastrukturen ze regelen. Do gëtt ganz kloer eng Referenz gemaach op d'Grandes surfaces, déi einfach vill méi Méiglechkeeten hu wéi de sou genannte kleng Geschäftsmann, wéi den Einzelhandel, fir Promotiounen ze maachen, fir méi no bei de Keefer ze kommen, fir un eng Kategorie vu Keefer ze kommen, déi net an d'Geschäft eraginn.

Wéi steet de Minister zu deem Rësonnement? Dat wier emol eng Fro, déi interessant wier ze beäntweren.

Eng zweet Remarque zum Stroosseverkauf. De Schäfferot ass zoustänneg fir d'Zuel vun deene Stroosseverkaef. Do

stellt sech awer och eng ganz Rei vu Froen, wann een domadder befaasst ass. Et ass d'Fro vun der Envergure vum Stroosseverkauf. Kënnen zum Beispill eenzel Stroossen eng Demande maachen, fir esou eppes ze organiséieren? Wéiwäit kann een de Maart opmaachen a wien ass Uspriechspartner vun den Autorités communales? An deem Fall eng Union commerciale, déi vläicht net d'Unanimitéit mécht, eng Union commerciale, déi dann och nach vun de Leit, déi matmaachen, Geld freet, fir hir Fräen ze decken. Do sinn also d'Schäfferot an Zukunft gebieden, méi wéi virdrun, Accorden ze fannen. Hei gi Responsabilitéite geschaaft, awer Responsabilitéiten net nëmme fir d'Politik, mä och Responsabilitéite fir d'Leit aus dem Secteur oder fir de Secteur selwer, deen dat do ze géréieren huet.

Da wollt ech eng Fro stellen, déi sech bal opdrängt an dësem Kontext. Dat ass d'Fro nom Commerce volant, déi fliegend Händler, déi regelméisseg optauche mat enger Autorisatioun, Händler, déi da kommen an ech weess net wat verkafen: Tableaux, Bijouen, Aueren, handwierklech Artikel. An déi kréien also och d'Erlabnis vum Schäfferot, fir dat do ze maachen. Et stellt sech d'Fro, ob et eng Konkurrenz ass zu de Geschäftsleit, déi an der Uertschaft sinn, oder ob et eng Beräicherung ass vum Secteur, ob et eng Attraktioun ass oder einfach eng Konkurrenz, déi hinne virun d'Nues op den Trottoir gesat gëtt zu engem Moment, wou si dat net dierfen.

Dat steet net am Gesetz. Dat ass anescht geregelt, mä et gehéiert awer an dës Diskussioun.

Als véierte Punkt wollt ech eppes opwerfen, wat och ënnert den Teppech gekiert gëtt. Dat sinn esou Promotiounscampagnen, déi vu Vertrieeder bei Privatleit ofgehalen ginn am Stot, an der Kichen, an der Stuff, fir iergendeppes un e Grupp vu Leit ze bréngen, en Dëppen, eng Pan, Bijouen oder ech weess net wat. Dat gëtt et. Dat ass genau de Contraire vum Stroosseverkauf an do ass d'Fro: Wat ass do erlaabt? Wat ass do verbueden, vu datt et Privatinitiative sinn, mä awer nëmme pseudo Privatininitiativen, déi heefeg sinn, souguer ganz heefeg, och wämer eis dat net wëllen agestoen?

Da wollt ech niewent deenen dote Remarken och nach eng Remarque maachen iwwert d'Concurrence déloyale. Am Gesetz vun 1986 war et verbuede fir Reduktiounen ze ginn u Keefer, well se bestëmmte Gruppen oder Vereenegungen ugehéieren, oder awer Client bei enger Entreprise sinn. Dat heescht also, wann een iergendenger sozialer Grupp oder enger Beruffsgroupp ugehéiert, da kritt een domadder d'Recht, fir munchmol substanzuell Prozenter op engem bestëmmte Produkt ze kréien.

D'Chambre de Commerce werft dee Problem op. Mir sinn an der Kommissioun net dorop agaangen, mä et ass awer fir mech e reelle Problem vu Gerechtegkeet a vu Chancégläichheet vum Konsument an dësem Fall. D'Chambre de Commerce schwätzt awer nëmme vun

der Publizitéit. Wien ass verantwortlech fir d'Publizitéit bei esou Geschäftspraktiken? Si ass äusserst virsichtig a weist drop hin, datt vill Geschäftsleit sech iwwert dës Praktike bekloen.

Do stellt sech eng Serie vu Froen. Wie mécht dann déi Publizitéit? Wien ass responsabel dofir? Ass dat deen Drëtten, deen déi Beruffsgrupp géréiert? Wien ass verantwortlech dofir an deem begrenzten Krees? Déi drëtt Partei? Muss dat net gesetzlech geregelt ginn? Ech hunn e bëssen en ongutt Gefill, wann een den Term gebraucht, "hei gëtt Rabatt no Klassen accordéiert, no Beruffsgruppen", an et si ganz bestëmmt net déi klengste Leit, déi an d'Solde ginn, déi un dës Form vu Rabatter erukommen.

Dann ee Wuert zum Lëtzebuerger Geschäftsmann, esou wéi e sech presentéiert an dësem Gesetz, an dat Bild gëtt dann de Geescht vun dësem Gesetz zréck.

De Lëtzebuerger Geschäftsmann steet ouni Zweifel ënnert dem Drock vun der Konkurrenz aus der Grande Région an e steet ënnert dem Drock vun der Konkurrenz, déi him aus de Grande-surfaces erwuessen an e muss sech do behaapte kënnen. Dat geet och aus dem Exposé des motifs ervir. E muss kënnen Benefisser maachen, an all déi Mesuren an all déi Méiglechkeeten, déi opgezielt ginn an dësem Gesetz, sinn awer nach esou, datt de Geschäftsmann Benefisser maache muss. An ech mengen, et ass nâischt méi streng geregelt wéi déi Méiglechkeete fir mat Perte ze verkafen. Och dat ass eng Analys wäert, wéini datt de Geschäftsmann mat Perte verkeeft. Ech mengen och, datt de Keefer muss genau informéiert sinn iwwert déi Méiglechkeeten an iwwert déi Fäll, wou dat do erlaabt ass.

Dëst Gesetz werft da leschten Enns d'Fro op no der Problematik vun de stabile Präisser. Wéi e roude Fuedem zitt sech och d'Iddi duerch dat Gesetz. De roude Fuedem ass den Avantage fir de Keefer, wann en op d'Sich no Rabatter geet. Dozou huet d'Chambre de Commerce eng äusserst interessant Ausso gemaach, déi am Fong dem Geescht vun deem Gesetz hei widderspricht. Si schwätzt iwwer Solden, an ënnert där Sektoun steet jo, datt d'Präisser "réellement inférieurs" mussen sinn zu deenen normale Präisser.

Dozou seet d'Chambre de Commerce: "La Chambre de Commerce propose de supprimer cette exigence, alors qu'elle est d'avis que la loi ne devrait pas imposer au professionnel sa politique des prix en obligeant celui-ci à vendre l'ensemble de ses articles à prix réduit."

Do muss een d'Fro stellen, ob dat dann d'Zukunft ass vun der Législatioun iwwert d'Geschäftswelt zu Lëtzebuerg, oder ob mer bei där fundamentaler Iddi bleiwen, déi mer festgeschriwwen hunn.

Zum Schluss ass also d'Fro ze stellen: Wéi stabil sinn d'Präisser am Commerce? Wéi fiable si se fir de Keefer? Huet de Keefer, dee virun der Vitrine steet, Intérêt drun,

fir ze waarde bis datt en un déi Wuere kënnt, déi haut x Euro kaschten an herno eng bestëmmt Zomm Euro manner kaschten, wa se also méi gönschteg op de Maart kommen? Wéini ass dat? Hei spillt d'Autoregulatioun vum Secteur commercial, an de Keefer muss ganz kloer an däitlech opgekläert sinn iwwert déi Praktiken an iwwer alles dat wat déi eenzel Méiglechkeete beinhalten.

Mir passe mat dësem Gesetz d'Maartstrategien un d'Grande Région an och un d'Donnéeën vun der moderner Zäit un. De Konsument sicht ëmmer déi beschte Wuert zum niddregste Präis ze kréien. De Rapport Präis/Qualitéit muss stëmmen. Dat wat en ugebuede kritt an déi Präisser, déi vrun him leien, dierfen nâischt verschleieren, de Wäert vun deem Produkt dierf net verdeckt ginn duerch Tricksen an der Publizitéit, duerch falsch Informatiounen. Wa Prozenter ugekënnegt sinn, da mussen se novollzéibar sinn. Si mussen moossbar sinn, et muss arithmetesch feststellbar sinn, wat de Konsument an dësem Fall wënnt dobäi, par rapport zu engem normale Präis. Den normale Präis ass nach méi wichteg wéi den anormalen, den déiwe Präis. D'Reduktioun muss erklärbar sinn duerch bestëmmt an duerch prezis definéiert Ëmstänn, esou wéi dat an dësem Gesetz virgesinn ass.

Mä et bleift ëmmer nach Matière, fir ze interpretéieren. D'Gerichter wäerten heino och nach Aarbecht kréien. Wann een Termen hält wéi "usages honnêtes" oder esouguer "concurrence déloyale" oder "publicité illicite", da weess een, datt do Matière à interprétation ass, an déi manner éierlech Geschäftsleit mussen leschten Enns mat grousser Wahrscheinlechkeet dann op déi Aart a Weis aussernee geholl ginn, wann net virun de Konsument et gemaach huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi och meng Virriedner, wëll ech fir d'éischt dem Rapporteur Lucien Clement fir säi gudde schrëftlechen a mëndlechen Rapport zum Lëtzebuerger Konkurrenzrecht mat der Concurrence déloyale, der Publicité trompeuse an der Publicité comparative merci soen.

Fir vill Leit handelt et sech bei dësem Projet ëm e reng theoreteschen Inhalt, dee schwéier ze iwwerblécken ass. Ech wëll dofir betounen, datt d'Avisen, déi mer an der Kommissioun duerchgeschafft hunn, vu grousssem a wäertvollem Notze woren, fir dësse Projet esou ze libelléieren, datt hien dem lëtzebuergeschen Ëmfeld, souwuel op der Säit vum Konsument wéi och vum Kommerziant, beschtméiglech ugepasst ass.

Ech wëll dann och d'Geleeënheet notzen, fir all deene Leit, wéi d'Chambre de Commerce, déi zesumme mat

der Confédération du Commerce, intensiv un der Ausschaffung vun engem Avant-projet bedeelegt waren, merci ze soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Virfeld vu menger Interventioun hunn ech mer emol méi genee ugekuckt, wéi sech dës dach relativ komplex Matière am Laf vun der Zäit entwéckelt huet.

D'juristesche Basis vun all Aktioun géint d'Concurrence déloyale gouf an enger éischter Zäit, ier en detailléierten Text bestanen huet, vun den Artikelen 1382 an 1383 aus dem Code civil léiert.

Mä schonn am Joer 1896 ass fir d'éischt an der Chamber iwwert d'Noutwendegkeet vun engem Gesetz iwwert d'Concurrence déloyale diskutéiert ginn. Gréisstendeels ass deemools d'Meenung vertruede ginn, d'Fräiheet vum Handel an der Industrie, déi duerch eis Verfassung assuréiert ass, net ze beanträchtegen.

Duerno, mam Gesetz vum 5. Juli 1929, krut Lëtzebuerg säin éischt Gesetz iwwert d'Concurrence déloyale, e Gesetz, dat sech grondleegend vun där klassischer Approche ënnerscheet huet, e strengt Gesetz, well et virgesäit sämtlech Infraktiounen dem Strofrecht, der Loi pénale, ze ënnerwerfen a jidderengem, dee sech geschiedegt fillt, d'Méiglechkeet stellt, fir geriichtlech Schrëtter anzeleeden.

Am Joer 1934 ass dëst Gesetz dunn duerch en Arrêté grand-ducal iwwert d'Vente avec prime compléiert ginn. An där Zäit, déi sech jo duerch gréisser wirtschaftlech a sozial Onrouen auszeechent, ass och de Régistre de Commerce ageféiert ginn.

1936 ass d'Gesetz vun 1934 nees ëmgeännert ginn, dat, zu engem groussen Deel, well sech d'Geschäftspraktik bestänneg verännert an erneiert hunn.

Déi ganz Gesetzgebung an där Matière ass nach ganz oft duerno deels ofgeännert an deels esouguer ofgeschafft ginn. An zwar 1938, 1963, 1974, 1976, 1981 bis am Joer 1986 d'Gesetz réglementant certaines pratiques commerciales et sanctionnant la concurrence déloyale gestëmmt ginn ass.

Dës kuerzen historiesche Réckbléck weist däitlech, dass et bei wäitem net déi éischten a mat zimlecher Wahrscheinlechkeet och net déi leschte Kéier ass, dass d'Chamber sech mat deem Thema ausernee setzt.

Gläichzäiteg beweist dëst awer och an enger gewësser Hënsicht d'Dynamik an d'Evolutioun, déi besonnesch typesch si fir de Secteur vum Handel a vun der Industrie. An deem Sënn verweisen ech kuerz op de Mëttelstandspabeier vun der DP aus dem Joer 1998, wou steet: "Kennzeichnend für ihn" - de Mëttelstand - "ist insbesondere ein hohes Maß an Kreativität und Risikobereitschaft."

Duerch dës Kreativitéit oder Erfindungsgeescht, wéi de René Mart dat 1986 an der Debatt iwwert de Projet réglementant certaines pratiques commerciales et sanctionnant la concurrence déloyale genannt huet, wäert et schwéier ginn, fir iergendwann d'Méandres vun enger Concurrence déloyale, enger Publicité comparative oder enger Publicité trompeuse komplett ze duerchblécken.

An deem Sënn géng ech gären dem Henri Grethen seng Wieder zitéieren, déi hien 1986 als DP-Deputéierten zum deemolege Projet réglementant certaines pratiques commerciales et sanctionnant la concurrence déloyale gesot huet: "Et muss ee wëssen, dass d'Commerçante par définition ganz vill Imaginatioun hunn, an dass déi Praktiken, déi si sech ëmmer erëm afale loosse, eis ëmmer erëm wäerten dozou obligéieren nei ze légiféieren, fir dofir ze suergen, dass an der kommerzieller Kompetitioun wierklech dee Beschte gewënnt."

Dorun ass näischt auszesetzen, well dës Virgoensweis dréit och vill derzou bäi, dass d'Dynamik vun deem Secteur weiderhi bestoe bleift a stimuléiert gëtt.

Allerdings, Här President, wëll ech an deem Kontext gären op d'Grondsazklärung vun der Demokratescher Partei aus dem Joer 1986 verweisen, déi sech duerch am Gescht vum Projet, dee mer haut virleien hunn, beweegt: "Bezüglich der ökonomischen Freiheit wird unterstrichen, dass persönliche Initiative und Leistung ermutigt werden sollen, während staatliche Eingriffe auf das Notwendigste beschränkt bleiben müssen."

"Diese Aussage" - esou steet et am DP-Mëttelstandspabeier - "bildet das Fundament auf dem liberale Mittelstandspolitik im Besonderen fußt."

Den heitege Projet, deen engersäits zwou EU-Direktiven an eis Nationalgesetzgebung abënnt an andersäits d'Gesetz vum 27. November 1986 ofschafft, steet duerch am Aklang mat dësen Äusserungen. Et ass e liberaalt Gesetz.

D'Adaptatioun an d'Erneuerung vun der bestoender Léiglatioun, déi mir mat deem Projet kréien, huet als logesch Konsequenz eng richteg awer net onkontrolléiert Liberalisatioun, déi Abëue géng favoriséieren vum Lëtzebuurger Konkurrenzrecht.

Erlaab mir dofir kuerz a Form vun enger Opzielung nach eng Kéier op déi Haaptännerungen zrëckzekommen:

1. Suppression des dispositions concernant les ventes à prix réduits (promotions) et les ventes avec prime. Bei deem Punkt wëllt ech kuerz bemerken, dass d'EU-Kommissioun virschléit nach e Schrëtt weiderzagoen. Si huet den 2. Oktober 2001 eng Proposition de règlement relatif aux promotions des ventes dans le marché intérieur virgestallt.
2. Simplification des règles concernant les ventes en solde, notamment par le biais de la suppression de la période dite "de carence", de même que des dispositions relatives aux liquidations;

3. Extension du champ d'application des règles afférentes de la loi aux prestations de services et aux professions libérales;
4. Simplification des règles relatives aux abus de concurrence;
5. Introduction de la licéité de la publication comparative;
6. Introduction de nouvelles dispositions relatives aux loteries, jeux-concours et tombolas publicitaires ainsi qu'aux ventes en chaîne.

Bei dëse Modifikatiounen mussen mer eis ëmmer virun Aen halen, dass et net drëm geet, fir ausschliesslech de Konsument virun dem Commerçant, dee leider allze oft als dee Béisen, als de Missetäter duergestallt gëtt, ze schützen. Mat dësem Gedanke kann ech mech nëmmen der Äusserung vun der Chambre de Commerce uschliessen, déi betount huet, an dat ass ganz wichteg: "Que l'objet primaire des règles en matière de concurrence déloyale n'est pas celui de la protection des consommateurs, mais qu'il s'agit principalement de créer des conditions légales devant assurer une saine concurrence entre les vendeurs ou prestataires de services professionnels, ce qui, évidemment, aura un effet indirect positif pour les consommateurs."

Den Handel soll versiche sech eng éierlech, eng fair Disziplin ze ginn, an dat a sengem eegenen Interesse mä och am Interesse vum Konsument. Dës Disziplin kann als Deelaspekt vun der "moralisation des pratiques commerciales" ugesi ginn, Begrëff, deen den Här Norbert Friob a sengem excellente Buch "Parlons commerce" virstellt. Mä fir dass de Commerce sech dës Disziplin ka ginn, ass de Législateur gehalen, déi néideg Regeln opzestellen.

Elo e puer Iwwerleeungen zu den Neierungen, respektiv Modifikatiounen am Projet, déi e gewëssen Novum fir de Secteur bedeite wäerten.

Den Inhalt vum Projet, an dat kënnt jo am Rapport däitlech eraus, kann ee gewëssermoossen a sechs Partien ënnerdeelen, wouvun eng éischt sech op d'Publicitéit bezitt.

Ech hu virdru vun der Liberalisatioun vun der bestehender Législatioun geschwat, eng Liberalisatioun déi, wéi d'Chambre de Commerce dat ausdréckt "est opérée sur la toile de fond de l'évolution des pratiques de commerce et des nouvelles techniques de vente et des mêmes tendances à la libéralisation que l'on peut observer dans les législations de nos pays limitrophes".

Dës Liberalisatioun betrëfft sécherlech och ee vun de bedeitendsten Novumen, déi dëst Gesetz mat sech bréngt an zwar d'Licéité, d'Rechtsméissegkeet vun der Publicité comparative, eng Zort Publicitéit, déi jo nach am Gesetz vun 1986 verbuede war an als "acte de concurrence déloyale" ugesi gouf.

D'Lëtzebuerger Betriber oder den Handel u sech stinn an engem permanente Konkurrenzdruck mat hiren auslänneschen Noperen. Dass mer musse konkurrenzfähig bliwwen, läit op der Hand. 1986 wéi d'Publicité comparative verbuede gouf, huet den Henri Grethen schonns gesot, dass dat net der Weisheit letzter Schluss wär.

Wéi Recht hie mat dëser Äusserung hat, hu mer an de leschte Jore gesinn, an ouni déi Betreffen elo mam Numm ze nennen, kenne mer jo déi Firmen, déi eis eng Rei interessant Jurisprudenzen an dëser Matière geliwwert hunn.

D'Erlabe vun der Publicité comparative biergt ganz sécher eng Rei u Gefore fir de betraffene Secteur. Dofir ass et wichteg, dass se zwar erlaabt ass, mä nëmmen ënnert der Erfëllung, dem Anhale vu gewësse Konditiounen, zum Beispill: "Elle compare des biens et services répondant à des besoins identiques ou ayant le même objectif" oder awer: "Elle ne présente pas un bien ou service comme imitation ou une reproduction d'un bien ou service portant une marque ou un nom commercial protégés."

Duerch d'Verbidde vun der Publicité comparative muss ee soen, dass vill Lëtzebuerger Zeitungen an och eis Televisioun a prekär Situatiounen kënne geroden, ebe grad well eis Nopeschlänner dës Zort vu Publicitéit erlaben an och net als Concurrence déloyale ugesinn.

Ausgehend vum Här Grethen sengen 1986er Äusserungen, erfaasst een, wéi wichteg et ass, dass d'EULänner, esou wäit wéi et méiglech ass, kënnen allerguer zesummen op harmoniséiert a gemeinschaftlech Normen zrëckgräifen, fir all Fall vu Concurrence déloyale ze ënnerbannen, déi eng Publicité comparative zum Beispill kënnte mat sech zéien.

Ech zitieren nach eng Kéier den Henri Grethen: "Mir gesinn, dass Lëtzebuerg am Häerz vun Europa den Aflëss vun der auslännescher Publicitéit ënnerworfen ass. Et ass ganz einfach net méiglech fir hei zu Lëtzebuerg zum Beispill den deemolegen Artikel 18 a Betracht ze zéien, dee seet, dass d'Publicitéit, déi hei zu Lëtzebuerg verdeelt gëtt, misst der Bestëmmung vum Lëtzebuerger Gesetz entsprechen. Et ass nämlech einfach net méiglech, eng ganz grouss auslännesch Wochenzeitung zu Lëtzebuerg ze verbidden, ze verdeelen, well do eng Annonce dran ass, déi net conforme zu dësem Gesetz ass. Och do mussen mer verstänneg sinn, dat néidegt Versteedemech hunn an net à tort et à travers Prozesser féieren ëm dem Keiser säi Baart, einfach well do eng gesetzlech Bestëmmung net respektéiert gëtt."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Sënn gëllt et och opzepassen, dass mir Lëtzebuerg als Medienzentrum net onméiglech maachen. Vun all de Publicitéiten, déi d'CLT ausstrahlt, sinn der, nodeem wat esou gesot gëtt, eng ganz Rëtsch net konform zum Lëtzebuerger Gesetz, dofir awer sécherlech zum bel-

schen oder dem französische Gesetz. Et kéint een also soen, de Sender wier an där Späit gewässermoossen a verschiddene Momenter an der Illegalitéit vis-à-vis vun dem nationale Gesetz.

Dat si Beräicher iwwert déi ee sech duerchaus soll seng Gedanke maachen, well eng Sécurité juridique ass och fir de Mediëberäich e wichtegen Atout. Sträiche mer och ervir, dass de Projet vun haut versicht, d'Publicité trompeuse anzubauen a beschtméiglech ze definéieren, dat fir den Abüer virzebauen. Well deemools, wou d'Direktiv iwwert d'Publicité trompeuse koom, huet de Lëtzebuerger Stat, am Accord mat der Europäescher Kommissioun, drop higewisen, dass eis Gesetzgebung am Fong quasi déi ganz Dispositiounen vun der Direktiv ëmfaasst. Well mer awer haut de Kritär vun der Publicité comparative an eis Gesetzgebung aschleissen, ass et noutwendeg ginn, och d'Dispositiounen iwwert d'Publicité trompeuse an dat neit Gesetz anzubauen.

E puer Wuert zu de Solden. De Projet bréngt hei eng ganz Rei vun Neierungen a Vereinfachungen. Ënnert anerem ass net méi exklusiv d'Moudebranche un de Solde bedeelegt. D'Geschäftsleit dierfen hire Stock en vue vun de Solde féllen, awer nëmmen déi Artikelen, déi am Ufank vun de Solden en stock do sinn, dierfen à perte verkaaft ginn.

Dobäi kënnt, dass d'Geschäftsleit net méi forcéiert sinn, während deem ganze Mount virun de Solden all Promotiounen ze stoppen. Eng Dispositioun, déi vill Leit aus der Geschäftswelt wäert freeën, well bis dato eng relativ ongerecht Situatioun bestanen huet, vu dass déi Geschäftsleit, déi keng Solden haten, dës Karenzzäit net hu misse respektéieren.

Ausserdeem hunn d'Geschäfte aus den direkten Nopeschlänger gezielt dës Reglementatioun genotzt, fir hir Wueren an dëser Karenzzäit dem Konsument ze offréieren. Si wore jo mat hirer Législatioun en règle.

D'Gesetz gesäit och vir, dass soldéiert Präisser mussen ënnert dem normal gefrotene Präis leien. Dat schéngt mir evident, quitta dass an den A vun der Chambre de Commerce de Législateur net soll an d'Präispolitik vun de Geschäftsleit agräifen, wat ech prinzipiell ënnestützen, consacréiert dach awer dës Dispositioun nëmmen den Istzoustand.

Wat d'Liquidatiounen betrëfft, déi duerch eng Commission consultative vu Fall zu Fall beuerteelt ginn, well d'Motiver vun enger Liquidatioun net ëmmer einfach ze ëmräisse sinn, muss een allerdings folgend Bemierkung maachen, an dat am Aklang mat der Chambre de Commerce: De Punkt 2 vum Artikel 7 seet: "Un règlement grand-ducal précise les renseignements et documents à produire à l'appui de la demande d'autorisation de vente sous forme de liquidation ainsi que les modalités suivant lesquelles un contrôle peut éventuellement être effectué." Dës Reglement grand-ducal ass bis dato

nach net presentéiert ginn. Fir de gudden Fonctionnement vun där Commission consultative an eng besser juristesche Sécurité ze garantéieren, wär et awer dringend ubruecht, dës Lacune ze behiewen.

E weidert neit Element an dësem Projet ass, an dat wäert d'Gemeenge freeën awer och belaauchten, dass et de Gemengenautoritéite wäert iwwerlooss sinn, fir d'Zuel vun de Braderien an hirer Gemeng ze bestëmmen an op dës Manéier der Demande vun de jeweilige Geschäftsleit Rechnung ze droen.

D'Gemengen, zesumme mat hire respektiven Unions commerciales, si beschteens gestallt fir ze entscheeden, wéi vill Ventes sur trottoir, dat heescht wéi vill Braderien, si hire Konsumente kënnen a sollen zoutrauen. Et ass a mengen Aen net d'Aufgab vum Stat, fir dës Zuel virzeschreiwen. Wat géif dat ginn? D'Geschäftsleit zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg si jo, mat allem Respekt, net mat deenen iwwert d'Land ze vergläichen. Fir dass et net zu enger Wull vu Braderie kënnt, ass de Bon sens vun den Organisateuren gefuerdert, an zwar am Sënn vun engem attraktive lokale Commerce.

Zum Schluss nach e puer Wuert zu der neier Dispositioun iwwert d'Loterien, d'Jeux-concours an d'Tombolas publicitaires, déi den Artikel 3 aus dem Gesetz vum 19. Februar 1882 iwwert d'Loterien endlech ersetzt.

Et ass duerchaus un der Zäit, fir an dësem Beräich déi néideg legislativ Schrëtt ze ënnerrhuelen. Vill ze oft a schonns säit vill ze laanger Zäit huet de Konsument sech vun dësen neie kommerzielle Kommunikatiounsmethoden bedrängt gefillt. Ech denken zum Beispill un all déi Concoursspiller, Tombalen, déi ons regelméisseg an d'Haus geflu kommen. Eng Entwécklung, déi an der Zukunft duerch den Essor vun Internet sécherlech nach gréisser Ausmoosse wäert unhuelen. Dass d'Concurrence déloyale sech an dësem Secteur, deen u sech de kllassesche Commerce, de Commerce par correspondance, zum Beispill, opposéiert, net méi ze bremse war, ass bal selbstverständlech.

D'Leit gi mat Tombolae gelackelt a sinn dann op iergendeng Manéier obligéiert iergendeppes ze kafen. Den Artikel 21 seet elo, dass den Annonceur vun enger Loterie muss e spezifesch Reglement ausschaffen, deen am Detail d'Konditiounen festhält, nodeem dës Aktioun ofleeft. Konditiounen, déi vun engem Officier ministériel op hir Régularitéit mussen gepréift ginn.

Hei muss ech awer trotzdem der Chambre de Commerce Recht ginn, wa si d'Fro opwerft wéi ee wëllt dës Régularitéit dann iwwerpräiwen. Wéi eng Critère sinn an deem Fall gültig? Dat ass keng esou einfach Aufgab, an ech mengen, dat bleift eng Affaire à suivre.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech op eng Rei Punkte konzentréiert, déi mir wichteg geschéngt hunn, fir diskutéiert ze ginn. Alles an allem wëll ech als Schlusswuert festhalen, dass dat Wichtigst u

Gesetzer, déi sech mat der Concurrence déloyale, also mat der Publicité trompeuse an der Publicité comparative befaassen, eng Adaptatioun un éischstens d'national Ëmfeld bedeit, mä zweetens awer och un dat europäescht. Domat schléissen ech mech deem un, wat den Henri Grethen 1986 gesot huet, an zwar, dass mir an deem Secteur éischer europäesch wéi national Normen a Gesetzer virfanne sollten.

De Commerce ass net méi lokal oder national, mä geet scho säit laangem iwwert d'Landesgrenzen eraus. Et ass also kengesfalls ubruecht, dass eenzel Länner nach virufuere sech hir eege Gesetzgebung an deem Beräich opzebauen. Fir d'Interesse vun all de Parteien, ob Konsument oder Commerçant ze assuréieren, wäerte mir deem liberale Gesetz selbstverständlech zoustëmmen. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agetroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Lucien Clement merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Bei deem Projet handelt et sech ëm d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 97/55/CE. Well et jo awer méttlerweil a Regierungskreesser üblech ass, Direktive mat grousser Verspéidung an der Chamber ze presentéieren, mécht dës Direktiv keng Ausnahm.

Dee spéiteste Datum fir d'Ëmsetzung war den 23. Abrëll 2000, also viru méi wéi zwee Joer. Et wier mat Sécherheet interessant ze wësse wéi vill Schued oder Nodeeler der Lëtzebuerger Wirtschaft duerch dës Verschleefung bis elo schonns entstanen sinn.

Wat de Projet u sech betrëfft, kënne mir als ADR domat d'accord sinn. Dës Projet ass am Sënn vun der Lëtzebuerger Commerçanten, Handwierker a vun der Fräiberuffer, domat och vun der PMEen, fir déi sech den ADR schonns ëmmer agesat huet. Nieft deem bessere Schutz géint d'Concurrence déloyale gëtt elo d'Méiglechkeet agefouert, eng vergläichend Werbung asetzen ze kënnen. Dës Aart vu Werbung ass bis elo zu Lëtzebuerg net erlaabt gewiescht, ass awer e gutt Mëttel fir déi handwerklech Beruffer, sech géint d'Konkurrenz aus der Groussregioun behapten ze kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, een anere wichtige Volet vun deem Projet, dee mir als ADR voll a ganz ënnerstëtze kënnen, ass de Konsumenteschutz, besonnesch de Verbuert vun der sou genannter Vente en chaîne, besser bekannt als Vente en boule de neige, an déi méi kloer Reglementéierung, wat d'Loterien, d'Werbetombolaen an ähnlech Concoursen ugeet, ass e wichtige Schrëtt am Sënn vum Verbraucherschutz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi. Merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka jo dovunner ausgoen, dass et sech beim exzellente Rapport vum Rapporteur Lucien Clement net ëm Publicité trompeuse handelt an ech wëll net an eng Concurrence déloyale aklammen, well ech net esou gutt iwwer Braderien a menger Géigend an a menger Localitéit Bescheed weess, wéi aner Virriedner. Duerfir wäert eis Fraktioun deem Produkt zu de Konditiounen vun der Stee hir Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Mëttelstandsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt emol merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi dës Gesetzesprojet an der Chamber fënnt. Merci fir déi Interventiounen, virun allem awer e Merci un déi zoustänneg Kommissioun, dem President, dem Rapporteur an alle Membere fir déi konstruktiv a gutt Aarbecht, déi mer haten, fir dës Gesetzesprojet ze preparéieren an hei an der Chamber mat engem breede Konsens dann och sécher kënnen ze stëmmen.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt dës Gesetz, wat eng relativ fundamental Reform vun der aktueller Gesetzgebung iwwert d'Concurrence déloyale mat sech bréngt, datt dee Projet an enger Zesummenaarbecht mat der Beruffsorganisatiounen ausgeschafft ginn ass an dofir eng breet Zoustëmmung vun deene Kreesser kritt huet.

Et geet hei virun allem ëm zwou Saachen. Éischstens geet et ëm d'Transpositioun vun enger Direktiv, déi effektiv, Här Koepp, ze spéit ëmgesat ginn ass, mä an där Direktiv geet et virun allem drëm, fir d'Publicité comparative hei zu Lëtzebuerg ze erlaben. Ech weess net, ob doduerch der Lëtzebuerger Geschäftswelt ganz vill Schued entstanen ass, well d'Publicité comparative virun net erlaabt war. Mä dat Wichtigst an dat Fundamentaalt an deem Gesetz, dat sinn Neierungen iwwert d'Gesetzgebung vun der Geschäftspraktiken an dat huet näischt direkt mat der Direktiv ze doen, mä dat ass eppes, wat hei - an duerfir hu mer Zäit gebraucht - mat der Beruffsorganisatiounen zesummen ausgeschafft ginn ass, fir ze kucken fir eis Gesetzgebung ze moderniséieren.

Et ass scho gesot ginn: Mir sinn an engem Ëmfeld vun der Groussregioun. Mir sinn e klengt Land. D'Grenze sinn op, duerfir muss ee kucken eben eis Gesetzgebung ze adaptéieren, ze moderniséieren, esou vläicht e Schrëtt méi wäit ze goen, wéi anerer gaange sinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen dat war an ass de Sënn vun dësem Gesetz, duerfir sinn eng ganz Rei vu wesentlechen Neierunge virgesinn, wat d'Pratiques commerciales ubelaangt. Dat ass néideg, well d'Geschäftspraktiken an d'Verkaufstechniken hunn évoluéiert. Eis Nopeschlänner sinn do net stoe bliwwen. Mir versichen hei hinnen zevirzekommen an deenen neie Geschäftspraktike Rechnung ze droen. Dat ass besonnesch de Fall bei Promotiounen, bei Ventë mat enger Prime a bei de Solden.

Duerfir hu mer versicht, fir an dësem Gesetz zwou Saache mateneen ze verbannen. Éischtens emol d'Intérète vun de Konsumenten ofzesécheren, mä awer och d'Geschäftsleit ze schützen mat Regele géint eng déloyale Konkurrenz vun anere Geschäftsleit. Et ginn also hei Spillregelen opgestallt ënner wat fir enge Konditiounen Geschäftspraktike kënnen gemaach ginn. Et ass e Gesetz, wat ouni Zweifel, Mme Beissel, méi liberal ass wéi dat Gesetz virdrun, mä et ass keen absolut liberaalt Gesetz, well hei gëtt d'Fräiheet vun de Geschäftsleit wuel méi grouss, mä et ass eng Fräiheet, déi awer gewësse Grenze kennt. Déi Grenze sinn do, wou dem nächste Geschäftsmann an dem Konsument seng Fräiheet ugeet.

Et ass e Gesetz, wat awer e Kader setzt an deem d'Geschäftsleit méi fräi operéiere kënnen wéi dat virdrun de Fall war. Et gëtt sech net limitéiert op relativ grondleegend Ännerunge vum Gesetz, mä mir hu versicht duerch en Texte coordonné dat Gesetz transparent ze maachen. De ganzen Text gëtt an engem Worf duergestallt.

Ech wëll da vläicht kuerz op déi Punkten agoen, déi am Gesetz virgesi sinn an op eenzel Remarken, déi hei gemaach gi sinn. D'Directive iwwert d'publicité trompeuse gëtt ëmgesat. Zil ass et fir déi grouss Diversitéit vun de Gesetzgebungen an den eenzelne Länner plus ou moins op en Nenner ze bréngen. Duerfir gëtt d'Publicité comparative nei definéiert, kloer an enk definéiert a virun allem gëtt versicht fir Konditiounen festzeleeën ënnert deenen d'Publicité comparative erlaabt ass. Mir wëssen, dass besonnesch jo d'Publicitéit ëmmer méi grenziwwerschreidend gemaach ginn ass, duerfir ass et richtig, wat hei ënnerstrach ginn ass, datt ee versicht dës Gesetzgebung europäesch ëmmer méi ze harmoniséieren.

D'Aféierung vun der Publicité comparative, dat ass effektiv eng fundamental Ännerung vum lëtzeburgeresche Recht, well d'Publicité comparative bis elo hei am Land verbuede war. Mä wesentlech ass awer, datt eng Rei vu Pratiques commerciales geännert ginn, besonnesch d'Solden, d'Liquidatiounen, d'Stroosseverkaaf an d'öffentlech Steeën vun neie Wueren. Besonnesch bei de Promotiounen, déi jo virdu streng reglementéiert waren an déi souguer während enger Karenzzeit vun 30 Deeg virun de Solden absolut verbuede waren, gëtt d'Regelung ganz staark vereinfacht. Et gi

keng Konditiounen méi festgehalten, wat d'Promotiounen ubelaangt, wat d'Rabatter ubelaangt. D'Ventë mat Primen, déi am Fong ganz verbuede waren, gi komplett liberaliséiert.

Dann, wat d'Solden ubelaangt, esou géif ech soe gëtt am Fong de Prinzip vun de Solden net a Fro gestallt. Och doriwwer ass diskutéiert ginn, ob een net, well ee jo Promotiounen ka während dem ganze Joer maachen, sollt d'Soldeperioden iwwerhaupt ofschaffen. Mir sinn awer finalement, an ech mengen d'Chamber huet dat jo guttgeheescht, higaangen a mir behalen ëmmer nach zwou Periode vu Solde pro Joer fest, awer d'maximal Dauer vun deene Solden ass ee Mount. Et gëtt eng nei Definitioun vun de Solden agefouert.

Et geet net méi Rieds vum Renouvellement saisonnier de l'assortiment - dat heescht dat ass net méi esou begrenzt virun allem op Artikelen vum Textilberäich, wou dat jo de Fall ass -, mä d'Solde gi méi wäit a méi breet opgemaach. All Produkt kann am Fong soldéiert ginn, an et ass net méi verbuede fir de Stock vun de Solden e bësse méi grouss ze maachen, fir also am Fong ze emmagasinéieren am Virfeld vun de Solden. Mä wat awer festgehale ginn ass, an do hu mer jo den Accord vun der Chamber kritt, datt d'Präisser an de Solde musse manner héich si wéi déi Präisser, déi normalerweis virdu gefrot gi sinn.

Dat schéngt evident ze sinn an d'Solde sollen, an dat erwaart de Konsument och, jo eppes sinn, wou am Fong d'Keefer sollen e gutt Geschäft maachen a wou Stocken, déi virdrun do waren, sollen evakuéiert ginn. Allerdéngs dierf de Commerçant nëmmen déi Artikelen mat Perte verkafen, déi e virun de Solden am Stock hat. En duerf also net Artikelen emmagasinéieren an déi da mat Perte verkafen. En duerf nëmmen déi mat Perte verkafen, déi e virdrun am Stock hat. Wat d'Publicitéit virun de Solden ubelaangt, esou ware virdrun déi Publicitéit limitéiert op een Dag, dat gëtt elo ausgedehnt op siwen Deeg, also eng Woch virdu kann ee scho Publicitéit maache fir d'Solden.

Dann, wat d'Liquidatiounen ubelaangt, esou gëtt am Fong eng relativ grondleegend Ännerung gemaach an deem Sënn, datt nëmme méi fir d'Cessation complète eng Liquidatioun ka gemaach ginn an a ganz exceptionnell Fäll. Vu datt ee jo kann dat ganz Joer Promotiounen maachen, gi mer vill méi restriktiv an deene sou genannten exceptionnell Fäll, wou ee kann eng Vente sous forme de liquidation maachen.

Dat kann zum Beispill sinn, wann en Accident geschitt ass wéi e Feier oder Waasserschied, oder wa grouss Stroossenaarbechte virun engem Geschäft gemaach ginn an doduerch Problemer entstinn, oder wann iergendwéi en anert Evénement onvirhersehbar geschitt, wouduerch eng gréisser Aktioun néideg ass. Eng einfach Transformatioun oder eng Plänneraktioun ass net méi akzeptabel fir duerfen eng Liquidatioun ze

maachen, mä et muss eng Plënneraktioun sinn, déi geschitt, nodeem datt vläicht zum Beispill e Feier ausgebrach war. Dat gëtt als Événement exceptionnel unerkannt an dann duerf een eng Vente sous forme de liquidation maachen.

Am Prinzip müssen d'Liquidatiounen do duerchgefouert ginn, wou d'Vente virdrun normalerweis duerchgefouert ginn ass, à moins datt dat duerch d'Ëmstänn onméiglech ass. D'Autorisatioun, fir dierfen eng Liquidatioun ze maachen, muss ëmmer an dem Lokal, wou d'Vente geschitt, ugeschloe sinn. Fir Abüen ze vermeiden duerf e Buttek, deen eng Liquidatioun mécht, fréistens no engem Joer Existenz erëm eng aner Liquidatioun ufroen an d'Liquidatioun gëtt zäitlech limitéiert op sechs Méint, mä et besteet eng Méiglechkeet a gewësse Fäll déi Period vu sechs Méint ëm weider sechs Méint ze verlängeren.

Dann, wat d'Stroosseverkeef ubelaangt, do huet den Här Scheuer virun allem e puer Froe gestallt. D'Stroosseverkeef ginn hei definéiert am Gesetz als Verkaf op enger öffentlecher Plaz ausserhalb vun engem fixe Verkafslokal, also zum Beispill bei enger Braderie. D'Autorisatioun gëtt net méi duerch eng komplizéiert Prozedur erlaabt, wéi dat virdrun de Fall war. Do huet missten eng Interventioun vum Schäfferot kommen, vum Distriktscommissaire, vum Ministère vun de Classes moyennes, d'Chambre de Commerce huet missten en Avis maachen a finalement huet missten de Grand-Duc nach ënnerschreiwen, well et huet missten e Règlement grand-ducal gemaach ginn.

Et war also eng ganz komplizéiert Prozedur. Dat gëtt vereinfacht. Am Sënn vun der sou genannter Autonomie communale sollen d'Gemenge kënne méi staark zoustänneg si bei esou speziell Verkafsaktiounen an hirer Gemeng. De Schäfferot ass am Fong geholl elo zoustänneg. Et ass deen, deen elo erlaabt, fir e Stroosseverkaf ze maachen. Och de Schäfferot gëtt zoustänneg fir eng Foire oder e Marché ze autoriséieren.

Déi al Législatioun, déi datéiert vun 1822, gëtt komplett ofgeschaaft. Et ass eng wichteg administrativ Vereinfachung vun deem, wat bis elo bestanen huet. De Schäfferot kritt elo eng grouss Fräiheet doranner. Et ass gefrot ginn: Wien duerf eng Braderie oder e Stroosseverkaf ufroen? Am Prinzip ka jiddferen dat maachen. Dat ka sech op e Quartier oder op eng Strooss limitéieren, an d'Mme Beissel huet mat Recht gesot: "Et muss een also kucken, datt do de gesunde Mënscheverstand iergendwéi awer zum Droe kënnt, well et gi jo nach aner Gesetzgebungen, déi müssen agehale ginn." Zum Beispill d'Sozialgesetzgebung muss agehale ginn. Dat heescht et duerf een net permanent esou Saache maachen ausserhalb vun den normalen Öffnungszäiten.

Dann ass et wichteg ze wëssen, dass déijéineg, déi bei engem Stroosseverkaf matmaachen, eng Handelsermächtigung hu müssen. Et kann also net jiddferen dohinner kommen a beim Stroosseverkaf matmaachen.

E muss dofir eng Handelsermächtigung hunn. Déi ka vun der Polizei gefrot ginn a vun deenen, déi kontrolléieren kommen. Wann e Geschäftsmann op engem Privatterrain wëllt iergendwéi verkafen, dat ass am Prinzip erlaabt. Et si jo vill Geschäfte, déi eng Plaz virum Geschäft hunn, déi hir eegen ass, an déi kënne do verkafen. Do besteet awer eng Limite vu 400 m². Dat heescht, wann déi Plaz am Geschäftslokal a virum Geschäftslokal méi wéi 400 m² grouss ass, da muss een eng Autorisatioun fir eng grande surface ufroen.

Een, deen eng Autorisatioun vun enger grande surface huet, deen duerf natierlech dann op engem Privatterrain verkafen, e muss da just ebe froe fir déi Quadratmeter, déi e benotzt, erlaabt ze kréien.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Sinn dat 400 m² Geschäftsfläch?

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Dat si 400 m² Brutto-Geschäftsfläch.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dat ass vill.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Jo, dat ass d'Limite vun enger grande surface. Dat ass d'Gesetzgebung esou wéi se haut besteet.

Dann ass gefrot ginn, ob ee privat doheem dierf verkafen. Privatverkaf doheem ass verbueden. Fir ze verkafen muss een eng Handelsermächtigung hunn. Grad esou wéi et verbueden ass, fir un d'Diere schellen ze goen an dann ze verkafen. Dat ass Colportage. De Colportage ass iwwer Gesetzgebung verbueden. Dat sinn eng ganz Rei vun Äntwerten op déi Froen, déi Der gestallt hutt. Do ginn et scho Gesetzgebungen, déi all déi Saachen do encadréieren a limitéieren an zu engem groussen Deel verbidden.

Dann, wat elo d'Vente aux enchères publique vun neien Artikelen ubelaangt, esou gëtt am Fong um Régime, wéi e bestanen huet, näischt Wesentleches geännert.

Dann ass en Titel do iwwer Abus de concurrence. Do hu mer fënnef Sektione festgehalen. Et geet ënner anere ëm d'déloyale Konkurrenz. D'Definitioun vun der déloyaler Konkurrenz gëtt an dësem Gesetz elo ausgedehnt op déi liberal Aktivitéiten. Dat war virdrun net de Fall. Wat d'Publicitéit ubelaangt, esou ass et natierlech verbueden eng Publicitéit ze maachen, déi am Fong en Akt vun déloyaler Konkurrenz favoriséiert. Et ass verbueden, fir eng Publicité trompeuse ze maachen. D'Publicité trompeuse gëtt an dësem Gesetz genee definéiert, esou wéi dat an der Direktiv de Fall ass.

Da gëtt - mir hu schonn drop higewisen - d'Publicité comparative erlaabt, mä no ganz strenge Critères. D'Publicité comparative ass zum groussen Deel am Ausland erlaabt, schonn eng gewëssen Zäit, duerfir muss een aus Kompetitivitéitsgrënn, eiser Meenung no,

op eisem Marché dëst Instrument aféieren. Et ass am Gesetz genee festgehalen ënner wat fir enge Konditiounen a Critèren dat soll geschéien. Et ass net ëmmer ganz einfach. Ouni Zweifel muss sech do awer eng Jurisprudenz maachen. Dat ass ganz sécher, mä am Gesetz geet Rieds, datt beim Vergläich vu Produkten et müssen essentiell Charakteristike sinn, déi pertinent sinn, déi verifizierbar sinn, déi representativ sinn, déi matenee vergläichbar sinn. Et muss am Fong geholl eppes sinn, fir de Konsument ze informéieren. Et duerf op kee Fall en anere Konkurrent dénigréiert ginn.

Et sinn eng ganz Rei vu Spillregele festgehalen ginn. Mir hoffen, datt jiddferee sech dorunner hält, a wann ee sech net dorunner hält, da ginn et eng Rei vu Méiglechkeeten, déi am Gesetz erweidert ginn, fir dogéint virzegoen. Et kann een eng Action en cessation maachen, fir datt déi Praktik direkt soll ënnerbonne ginn. Mir wëssen, datt hei en neien Terrain sech opmécht. D'Direktiv huet versicht, deen neien Terrain esou gutt wéi méiglech ze encadréieren. Ouni Zweifel wäert d'Jurisprudenz dat nach e bësse méi kloer ëmräissen, wéi dat de Gesetzgeber maache kann.

M. Robert Mehlen (ADR). - Ass d'Politik dovunner ausgeschloss, Här Minister?

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Hei geet et nëmme ëm Geschäftspraktiken.

Da geet Rieds iwwert d'Vente à perte. Am Prinzip ass et jo ëmmer nach verbuede fir eng Vente à perte ze maachen, mat Ausnahm vum deene Fäll, wou et erlaabt ass, déi si jo hei am Gesetz festgeluegt. Mä et gëtt awer eng Extensioun gemaach, andeem datt och d'Vente à perte fir d'Servicer verbueden ass. Also et duerf ee keng Servicer mat Perte verkafen. Wat eng Vente à perte vu Servicer ass, gëtt am Gesetzestext festgehalen.

Wat d'Loterien, d'Spillconcoursen an déi publicitaire Tombolaen ubelaangt, ass et wichteg, dass dat elo emol endlech reglementéiert gëtt. Do geet et drëm fir d'Konsumenten an d'Konkurrente virun onkauschere Geschäftspraktiken ze schützen. Et solle kloer Critèren opgestallt ginn. Zum Beispill gëtt festgehalen, datt e Loteriesbilljee näischt dierf kaschten, wann en am Kader vun enger kommerzieller Propagandaaktioun ausgedeele gëtt, datt e Reglement muss bäileien, wou d'Konditiounen vun där Propagandaaktioun genee definéiert sinn. Mir hu festgehalen géint Avisen, déi komm sinn, datt een, wann een duerch eng Publicitéit oder duerch eng Kommunikatioun iergendwéi e Lous versprécht, da muss een dat Lous dem Konsument ginn, fir datt et also net méi esou geet "vous avez gagné" an et kritt een net dat, wat ee soll gewonnen hunn. Wann duerch esou Aktiounen de Konsument gesot oder ugedeit kritt "du hues eppes gewonnen", da muss dat Lous och ausgedeele ginn.

D'Vente en chaîne gëtt reglementéiert. Dat ass net onwichtig. Da sinn eng Rei vun Dispositiounen virgesi fir gewëssen Aktiounen kënnen méi schnell ze stoppen a méi licht kënnen ze stoppen, wéi dat virdrun de Fall war. Zum Beispill am Fall vun der Publicité trompeuse oder vun der Publicité comparative illicite. Esou kann de Richter e Renversement vun der Charge de la preuve applizéieren an deem Sënn, datt den Annonceur muss d'Prouf bréngen, wat d'Richtigkeet vun den Donnéeën, déi a senger Publicitéit stinn, ubelaangt. Dat ass am Fong eng Innovatioun, déi virun allem dem léséierte Commerçant, dem léséierte Konsument entgéintkënnt. Si erliichtert also am Fong esou Actions en cessation ze maachen. Si erliichtert och ouni Zweifel dem Richter seng Tache, fir do da virzegoen an dann ze intervenéieren.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier betounen, datt dat heiten e Gesetz ass, wat am Fong e groussen Afloss, ouni Zweifel, op d'Konsumenteverhalen an op d'Geschäftspraktiken hei am Land wäert hunn. Et si Critère festgesat ginn, fir an enger gréisserer Liberalisatioun awer Grenzen ze setzen. Ech soe merci fir Är vill Aarbecht a gutt Mathëllef, fir datt mer dëst Gesetz haut kënnen stëmmen. Merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4844 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 28 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4844.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de virleiende Gesetzesprojet sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul

Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4714 iwwert d'Genehmegung fir de Persounen- a Wuerentransport op der Strooss.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Hauptert, Zanussi, Belling, Gibéryen, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

3. Projet de loi 4714 concernant l'établissement de transporteur de voyageurs et de transporteur de marchandises par route

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzprojet 4714 transposéiert déi europäesch Direktiv 98/76/CE vum 1. Oktober 1998 an eis national Gesetzgebung. Si betrëfft d'Nidderloossungsrecht vun den Transporteuren. Dat gëlt esouwuel fir den Transport vu Persoune wéi och fir den Transport vu Wueren.

Fir d'éischt, Här President, wëll ech, wéi beim Projet vir-drin, och eng kuerz Zesummefaassung vun de parlamentareschen Aarbechte maachen.

De Mëttelstandsminister huet dese Projet ausgeschafft an en huet en de 17. Oktober 2000 an der Chamber déposéiert. D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Employés privés an d'Chambre de Travail hunn dese Projet aviséiert. Dem Statsrot säin Avis ass vum 8. November 2001. D'Mëttelstandskommissioun huet sech insgesamt véiermol mat deem Projet beschäftegt. An deem Kontext

huet se verschidden Amendementer proposéiert. Dës Amendementer si vum Statsrot de 14. Mee an den 2. Juli 2002 aviséiert ginn. Während der Sëtzung vum 5. Juli 2002 huet d'Mëttelstandskommissioun de schrëftleche Rapport majoritär gestëmmt.

D'Hauptpunkte vum Projet kann een elo esou zesumme-faassen: Éischtens gëtt hei am Projet enorm vill Gewicht op d'Notioun vum Etablissement stable geluegt. Zweetens ginn déi aner Bedingungen, déi ee brauch fir eng Handelsermächtigung ze kréien, wesentlech verschäerft. Dat betrëfft besonnesch d'Honorabilité professionnelle, d'Capacité financière vun der Entreprise an d'Qualification professionnelle.

D'Objektiver vun deem Gesetz sinn also ganz kloer. Eng Verbesserung vun der Qualificatioun vun den Transporteuren a vun der Qualitéit vun hiren Entreprises ass elei mat ugestriift. Mat deem Projet gëtt d'Fundament fir een Assainissement vum Transportmarché geluegt. Et kënnt mat Sécherheet zu engem Qualitéitssprong am Transportsektor. E Qualitéitssprong, deem nieft aneren Aspekter och eng gréisser Verkéierssicherheit mat sech bréngen wäert. Dat ass net nëmmen am Sënn vun de Clienté vun den Transporteuren, vun de Chauffeuren, mä ech géif soe vun der gesamter Wirtschaft, ergo geet et eis allegueren och eppes un.

Am Sënn vu méi Transparenz a méi einfacher praktescher Handhabung vun den Texter proposéiert d'Regierung, fir d'Gesetz vum 3. Oktober 1991 iwwert d'Nidderloossungsrecht vun den Transporteuren net nëmmen ofzeänneren, mä einfach ze abrogéieren an domat och komplett ze ersetzen.

Fir eng méi grouss Harmonie tëschent den Texter ze kréien, ass de Gesetzesprojet als komplementär zum modifizéierte Gesetz vum 28. Dezember 1988, dat heescht dem Droit commun, dem Nidderloossungsrecht, ze gesinn. An anere Wieder beinhalt den heite Projet nëmmen déi spezifesch Regeln, déi fir den Transportsektor gëllen. Als generelle Kader wäert sech awer weiderhin d'Nidderloossungsgesetz vum 1988 ëmmer dann applizéieren, wann dese Gesetzprojet keng spezifesch Regele virgesäit. De Prinzip ass, datt sech den Droit commun ëmmer dann applizéiert, wann e Spezialgesetz näischt anescht virgesäit. Wann et sollt zu engem Konflikt tëscht deenen zwee Texter kommen, da priméiert ëmmer d'Spezialgesetz, den Droit commun.

D'Transportwiesen huet déi Spécificitéit, datt et gesetlechen a reglementaresche Bestëmmungen ënnerläit, déi verschidden administrativ Kompetenze musse virgesinn.

A mengem schrëftleche Rapport sinn ech am Detail op d'Aufgabenopdeelung tëschent dem Mëttelstandsminister an dem Transportminister agaangen. Fir den Aufgabeberäich vun deenen zwee Ministere kënnen ze beschreiwen, muss ee ganz kloer en Ennerscheid